N° 7220
Entrée le 22.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Laut Artikel 428 vum Code de la sécurité sociale muss all Decompte un d'CCSS innerhalb vun 10 Deeg bezuelt ginn. Dëst onofhängeg dovunner, ob déi betraffe Persoun mat der Rechnung averstanen ass oder net. D'CCSS kann awer mat der betraffener Persoun och ee Plang opstellen, wéi d'Scholde sollte bezuelt ginn. Am Fall vun engem feelende Paiement kann een Huissier engagéiert ginn, wat dann erëm zu zousätzleche Fraise fir déi Betraffe féiert. Dës Fraise mussen d'Leit och da bezuelen, wann sech erausstellt, dass den Decompte vun der CCSS net korrekt war.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Zesummenaarbecht tëscht CCSS an ACD misst weider ausgebaut ginn, fir falsch Decompten esou wäit et geet ze verhënneren?
2. Ass de Minister der Meenung, dass am Fall vun engem Zweiwel un der Richtegkeet vum Decompte net mol sollt d'Positioun vun der ACD ofgewaart ginn, ier een Huissier engagéiert gëtt?
3. Wéi eng Responsabilitéit iwwerhëlt d'CCSS am Fall wou den Dossier vun enger Persoun zu Onrecht un Huissiere weidergeleet gouf an dës Persoun eng Rechnung fir d'Servicer vum Huissier kritt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten